Esch-Uelzecht, den 21. September 2026

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

**Communiqué de presse vun der ACEL** : Auswertung vun der Transport- a Logementsëmfro - d'ACEL fuerdert méi Studentewunnengen a besser Verbindungen op d'Campussen.

D'ACEL huet eng Ëmfro iwwert d'Logements- an Transportsituatioun am September 2025 lancéiert an iwwer fënnef Méint lafe gelooss. Vun de 432 Participante studéieren 366 zu Lëtzebuerg; 316 dovunner sinn op der Universitéit Lëtzebuerg ageschriwwen. D'Resultater ginn domat virun allem en Abléck an d'Situatioun vun de Student:innen op der Uni.lu.

## Logement

56,41 % vun de Participante beschreiwen et als schwéier, eng Studentewunneng vun der Uni.lu ze kréien. Genannt gi Waardezäite vu bis zu sechs Méint, Refusen an eng onkloer oder lues Kommunikatioun. Net-EU-Student:innen si besonnesch betraff: 68,8 % vun hinne soen, dass den Zougang schwéier war, bei den EU-Student:innen sinn dat dogéint 43,3 %. Wa keng Uni.lu-Wunneng zougedeelt gëtt, ass de private Marché fir 59,50 % déi wichtegst Alternativ; bei Net-EU-Student:innen klëmmt dësen Undeel souguer op 71,7 %.

Och déi maximal Wunndauer vun dräi Joer am Bachelor an zwee Joer am Master oder Doktorat gëtt kritiséiert. Vill Student:innen hunn zwar Verständnis fir d'Rotatioun an de Residencë, mee de Risiko, d'Wunneng virum Ofschloss vum Studium ze verléieren, verursaacht zousätzleche Stress. Dobäi kommen Examen oder Diplomiwwerreechungen nom 1. September, fir déi Betraffener fir eng ganz kuerz Zäit nach eng nei Wunneng fanne mussen.

D'ACEL huet am Kader vun der Evaluatioun och mat Acteuren um Terrain an der Firma WeConnect, déi intergenerationaalt Wunnen zu Lëtzebuerg promovéiert, geschwat. Do ass däitlech ginn, dass d'Konditioune fir de Bau vu Studentewunnengen tëscht de Gemenge staark variéieren, mat deelweis ganz ënnerschiddleche Konditiounen. Aus Siicht vun der ACEL ass de Bau vu Studentewunnenge fir d'Gemeng an d'Student:innen eng Win-win-Situatioun: Student:inne kréien abordabele Wunnraum, wärend d'Gemenge vun engem méi liewege lokalen Ëmfeld finanziell profitéieren. Zousätzlech krute mer vum Logementsministère confirméiert, dass dësen esou Projeten ënner bestëmmte Konditioune bis zu 100 % finanzéiert.


SPUERKEESS
Partenaire officiel

Fir de strukturelle Manktem u bezuelbarem Studentewunnraum unzegoen, stellt d'ACEL follgend Fuerderungen:

- 1.600 Studentewunnenge solle bis 2030 insgesamt gebaut ginn, géintiwwer 1.071 Enn September 2026. Déi néideg Projete solle bis spéitstens 2028 an Optrag ginn.
- D'Vergab vun de Studentewunnenge vun der Uni.lu muss transparent a fair sinn. Krittären, de Status op der Waardeläscht a Refuse solle kloer kommunizéiert ginn.
- A begrënnte Fäll muss d'Wunndauer verlängert kënne ginn, wann de Studium sech aus akadeemeschen, sozialen oder perséinleche Grënn verlängert.
- D'akadeemescht Joer soll den 31. August ofgeschloss sinn, sou dass duerno keng obligatoresch Examen oder aner Uni-Veranstaltunge méi stattfannen, fir eng besser Rotatioun ze garantéieren.
- E Studentewunnengsgesetz soll bis 2028 d'Reegele fir de Bau vu Studentewunnengen an all de Gemenge vereenheetlechen. D'ACEL soll un der Ausaarbechtung bedeelegt ginn.

## Transport

Den ëffentlechen Transport ass mat 62,08 % dat wichtegst Transportmëttel vun de Participanten; bei de Student:innen zu Lëtzebuerg sinn et 64,4 %. Och de gratis ëffentlechen Transport ass eng wichteg finanziell Entlaaschtung. Trotzdeem fannen 53,55 % vun de Befroten, déi zu Lëtzebuerg studéieren, dass den Trajet ze laang dauert. Verspéidungen, Ausfäll, schlecht Uschlëss a vill Ëmklamme maachen den ëffentlechen Transport fir en Deel vun de Student:innen zu kenger realistescher Alternativ zum Auto.

Och de Wiessel tëscht Belval a Kierchbierg bereet Problemer, haaptsächlech ginn ze laang Reeszäite souwéi Verspéidungen an Ausfäll genannt. E Campuswiessel tëscht zwee Coursë muss awer bannent enger raisonnabeler Zäit méiglech sinn.

Fir d'Problematike vum Transport unzegoe, stellt d'ACEL folgend Fuederungen:

- Systematesch Evaluatioun vun den Haaptpendelachsen zesumme mat der Uni.lu, dem Mobilitéitsministère an den Transportoperateuren
- Berécksiichtegung vun der kompletter Dier-zu-Dier-Reeszäit, inklusiv Reeszäiten, Ëmklammen, Ausfäll a Verspéidungen
- Méi direkt Expressverbindungen op d'Campusstanduerter, besonnesch aus dem Norden, Osten a Westen, vu wou d'Student:innen bis elo laang ob de Belval brauchen
- Evaluatioun vun der Verbindung tëscht Belval a Kierchbierg a Prüfung vun enger direkter Navette, wéi et se bis 2017 gouf.

- Upassung vun de Frequenzen, Kapazitéiten an Uschlëss un d’Courszäiten
- Ausbau vu flexibelen On-Demand-Offeren am ländleche Raum
- Prüfung vu Park-and-Ride-Léisungen oder engem limitéierten Zougang zu Parkméiglechkeete fir Student:innen ouni realistesch Alternativ zum Auto

Logement a Mobilitéit däerfen net getrennt geplangt ginn, well eng bezuelbar Wunneng no beim Campus d’Pendelweeër verkierzt mee eng gutt ëffentlech Mobilitéit den Zougang zu méi wäit ewech geleeëne Wunnengen erméigleche kann. D’Resultater vun der Ëmfro weisen, dass a béide Beräicher elo konkret Mesuren néideg sinn.

**Mattis NOËL**

President

mattis.noel@acel.lu

+352 2060 8484 - 1

**Pit FELTES**

Vize-President Representatioun

pit.feltes@acel.lu

+352 2060 8484 - 4